

Stellungnam Jongbauerendag 2021

Dir Dammen an Dir Hären,

Här Minister,

eist Thema vun haut den Owend ass: Perspektive fir d'Landwirtschaft an dat laangfristeg bis 2030. Wann mir dat Wuert Perspektiv ausschwätzen, denken mir un d'Zukunft vun eise Betriber, vun eisem Secteur, vun eiser Ernährung.

Fir vill vun eis ass d'ëst allerdéngs nëmme waarm Loft, well Zukunft an der Landwirtschaft gëtt ëmmer méi zum Friemwuert.

Suergekand Schwéngssecteur

Fänke mir haut den Owend als éischt mat eisem aktuell gréisste Suergekand, dem Schwéngssecteur un.

D' EU-Kommissioun huet decidéiert dat et keng Bähëllef méi fir d'Schwéngsproduktioun an der EU gëtt. „Eng EU-Bähëllef wier net sënnvoll fir deen noutwendegen **Ofbau** vun der EU-Schwéngsproduktioun ëmzesetzen“.

Well d'Situatioun an deene verschiddene Länner awer ganz ënnerschiddlech ass, kann all Land een Ënnerstützungsprogramm fir d' Schwéngsproduktioun maachen deen hirer jeeweileger Situatioun entsprécht.

Déi national Schwéngsproduktioun mat Fierkel déi hei am Land gebuer an opgezillt ginn, ass um Verschwannen. An der Zäit waren 12000 Sai hei am Land, 2014 nach 6000 an 2022 wäerten dann nach vläicht 2500 do sinn.

D' Ursaache fir dës negativ Entwécklung ass dee groussen noutwendegen Aarbechtsbedarf fir d'Fierkelproduktioun an déi vill méi héich Produktiounskäschten hei am Land. Zousätzlech kënnt nach derbäi datt déi vill méi héich Schluecht- a Veraarbechtungskäschten hei am Land vis-à-vis vum Ausland déi lokal Produktioun och nach benodeelegen.

Qualitéitsfleisch vun der Marque National léisst sech weiderhi gutt vermaarten.

Am Kader vun der Grënnung vum neie Labelgesetz gëtt versicht sech vun internationalen Exportmäert ofzegrenzen. Heizou zielen och fair Handelspraktiken, déi et de lokale Produzenten erlaben käschtendeckend ze produzéieren.

De Staat muss déi Lëtzebuerger Liewensmëttelakteure motivéiere sech laangfristeg zou sou engem regionale Produkt ze bekennen. Dozou gehéiert och dass de Staat bei sengen Akeef fir seng eege Kantinnen deene Prinzipien trei bleift.

Stéchwuert: Restopolis.

Déi nei Ufuerderunge bezüglech Klima an Haltungskrittäre wäerten zousätzlech Belaaschtunge fir Betriber duerstellen. Den Handel ass sécher net bereet déi Zousazkäschten ze iwwerhuelen. Iwwer Agrarklimaëmweltprogrammer oder änlech Primme mussen d'Betriber fir hir zousätzlech Leeschtungen ënnerstëtzt ginn.

Zu Lëtzebuerg gi mir op de Wee, a soen ab dem 01.01.2023 muss all neie Stall biokonform sinn.

Sécher ass dëst eng koherent Iwwerleeung am Sënn vun der Ëmsetzung vum PAN-Bio, allerdéngs eng weider op de Bak fir déi regional konventionell Schwéngsproduktioun.

Zwëschent der konventioneller Schwéngsproduktioun an de Biokrittäre leie grouss baulech Differenzen.

Ee Biostall konventionell ze bedreiwen, wärt och mat Bähëllef net rentabel ze bedreiwe sinn. Hei gëtt et sécherlech och nach een nohaltege Mëttelwee zwëschent dem Bio an den internationale Standarden. Besonnesch virun dem Hannergrond, dass de Marché fir lokaalt Bioschwéngfleesch och begrenzt ass.

Mir fuerderen dofir:

- Promotioun vum Lëtzebuenger Schwéngfleesch
- Kompromësslos Integratioun vun alle Produkter vun eise Schwäin an d'Akaafspolitik vun deene grouse Kantinnen déi ënnert dem Staat gefouert ginn
- d'Realisatioun vun engem neien Agrarklimaëmweltprogramm deen de Schwéngsproduzenten en nohaltege Wee zwëschent der Bio- a-konventioneller Produktioun erméiglecht: Et mussen onbedéngt Gelder aus der 2. Sail mobiliséiert gi fir déi regional Schwéngsproduktioun um Liewen ze halen.

Mir kéinten eis virstellen dass esou ee Programm follgendermoossen ausgesäit:

Duerch d'Reduzéiere vun der Bestandesdicht gëtt méi Raum fir d'Déiere geschaaft. Sämtlech Faktoren, wéi Loftqualitéit an allgemeng de Bien-être animal innerhalb der Bucht gi positiv beaflosst. Dëst wier eng Measure déi a bestoende Ställ duerchzeféieren ass.

Logescherweis mussen d'Festkäschte vu manner Déieren gedroe ginn.

Käschterechnungen déi mir Iech an deenen nächsten Deeg eragi weisen, dass duerchschnëttlech bei 20% méi Plazangebot an de Ställ dëst ronn 10 € Méikäschte pro Déier ausmécht, souwéi 24€ pro Stallplaz.

Weider wichteg Eckdaten a sou engem Programm wieren eng zousätzlech Gab vu Raufudder souwéi d'Realisatioun vu Wantergäert an Ausleef.

Dir gesitt Här Minister, et gi Weeër zwëschent de Bio-Normen an deene konventionellen. Wann mir eis fir d'Zukunft nach eng Lëtzebuenger Kotelett wënschen, féiert kee Wee laanscht d'Implantatioun vun esou engem Programm wéi mir Iech en hei virgestallt hunn. Op der enger Säit erreeche mir domat eng nohaltege Verbesserung vun der Schwéngsproduktioun, op

der anerer Sait bedeuten d'Gelder aus sou engem Programm Planungssécherheet fir déi puer Produzenten déi nach bleiwen.

Thema: Organeschen Dünger

E weidert Thema wat eis ëmmer méi Suerge mécht ass d'Thematik ronderëm den organeschenen Dünger.

Mir stelle fest, dass den organeschen Dünger an der Praxis ëmmer méi wichteg gëtt fir d'Buedemfruchtbarkeit ze erhalen an domat och d'Produktivitéit ze garantéieren. Déi aktuell Energiekris dreift de Präis vu cheemeschen Dünger souwäit an d'Luucht, dass et net méi rentabel wäert ginn dës anzesetzen. Och fir d'biologesch Bewirtschaftung ass d'Organik vu fundamentaler Wichtigkeet fir dass d'Kreeslaafwirtschaft funktionéiert.

Kucke mir awer lo Richtung Nitratdirektiv, da muss een dach soen, dass ee liicht de Bauch wéi kritt, well ee vu ville Säiten ëmmer ërem Diskussiounen iwwer **Restriktionen** vun der organescher Düngerausbréngung matkritt. An de leschte Jore war et bedéngt duerch d'Dréchent schwiereg Gülle am Summer auszebréngen, doduerch huet méi missen am Hierscht gefouert ginn, wat net ëmmer ideal war.

Mir fuerderen am Kader vun der Nitratproblematik folgend Konzepter:

- Och wann de Béischtebestand landeswäit Stand haut méi niddereg ass wéi virun 30 Joer, ass ze constatéieren dass mir Regionen am Land hu wou en Iwwerschoss un Organik ufält, an anerer déi defizitär sinn. Deemno ass et sënnvoll sech Gedanken iwwert den Transfert vun Organik ze maachen.

Aus Nohaltegekeets- an Imagegrënn ass den Transfert vun Organik vu räichen an aarme Regionen ausschliisslech méiglech, wa mir gläichzäiteg Investitiounsbäihëllefe vu mindestens 70 % a Separatiouns- a Komprimiertechniken bspw. Pelletieranlagen de Betriber zur Verfügung stellen.

- Flexibel Reglementatiounen fir d'Friste vun der Ausbréngung vun Organik ofhängeg vum Zäitpunkt, de Buedemverhältnissen an dem Wieder.

Düngung ass bekanntlecherweis och mat Emissiounen verbonden, dofir wëlle mir haut den Owend e puer Wuert iwert d'Klima verléieren.

Klimakris

Jo Dir léif Leit, Dir hutt ufank vum Mount alleguer sécher matkritt et war COP 26 zu Glasgow. All Regierungscheffe mat hiren zoustännege Ministeren aus der ganzen Welt sinn dohinner gepilgert. Zweek Stéck waren awer net derbäi, de Putin an den XI Jingping, déi hu kee sou e gutt Klima mat deenen aneren.

An och dat anert Klima spillt net wierklech eng Roll fir déi zwee, och wa si fir een Drëttel vun den Emissiounen verantwortlech sinn.

Fir eis Regierung ass dat awer e ganz wichtegt Thema, soe se mol.

„Folgt meinen Worten nicht meinen Taten.“

Den 9. März 2020 war den éischte Klimadësch, déi landwirtschaftlech Acteure ware bal all geschlossener Meenung, an hunn der Regierung e Pabeier iwwerrecht, hunn e bësschen diskutéiert an duerno gutt giess.

Fir eng éischt Rencontre ass dat vläicht net falsch sech mol vun zwou Säite lues erunzetaaschten. Mir si Baueren, spriech Unternehmer an do zielt e Resultat.

Dat Resultat huet laang op sech waarde gelooss an zwar bis den Oktober dëst Joer wou mir du geruff gi sinn op d'Klimaexpo. Wat kann een zréckbehale vun der Versammlung?

D'Regierung verlaangt eng besser Valoriséierung vum Dünger, Emissiounen erof, besser Späichere vum Carbon an eng besser Autarkie am Fudder.

Valoriséierung vum Dünger am Biogas

Fänke mir u bäi der Valoriséierung vum Dünger am Biogas. (De Biogas) *Biogasanlagen*, Ufank vum Joerhonnert sinn der am ganze Land entstanen, wat eis beweist dat Bauere rëm méi gescheit ware wéi d'Politik, déi haten de Problem vum Klimawandel scho virun 20 Joer erkannt an hunn eppes gemaach.

An firwat hu mir haut bal kee Biogas méi? Well d'Politik e futti gemaach huet.

Iwwert all déi Joren, entweder duerch e Pabeiertiger, duerch elle laang Geneemegungsprozeduren, duerch Erweiterungszwang am Aspeisegesetz wou bis haut kee Mënsch weess firwat. Oder louch et um feelende Réckhalt vum Landwirtschaftsministère?

Jo a lo wou se bal all rëm zou sinn, stelle mir fest dat mir déi Technologie awer ganz dringend brauchen. Ee Paradox schlechthin. Wann mir de Biogas wëlle rëm dohinner brénge wou en eemol war, muss vill geschéien, an nach vill méi wéi haut scho virgesinn ass.

D'Praxis beweist, datt d'Baueren aktiv Klimaschützer sinn, oder léif Verrieder vun der Regierung, wou leien déi vill Photovoltaik Panneauen? Mir wëllen eis net bretze mee si leie sécher net bei der Schickeria an der Stad.

Emissiounen erof

Zweetens, Emissiounen erof: Mir hunn ze vill Kéi am Land, dat gëtt gepriedegt wéi een Evangelium. Den Drock vum Ëmweltministère op de Landwirtschaftsministère gëtt ëmmer méi grouss a wat geschitt ...?

Mir si gespaant, mir gi verweisen op den neien PDR. Hei sollen eng ganz Rei AUKM kommen déi da sollen den Trend briechen. Mir fuerderen als Jongbaueren dat déi nei AUKMen a biodiv Programmer éischstens mol Kapp a Fouss hunn, an net nëmme schéi si fir an enger Broschür duerch d'Land ze schécken. Wann et fäerdeg ass kann entweder kee Mënsch matmaachen oder si si méi schiedlech fir d'Klima an d'Waasser wéi wann näischt gemaach gi wier.

D'Bauere si keng Almosenempfänger, mee Unternehmer, dofir fuerdere mir dat déi AUKM och finanziell sou staark sinn, dat d'Bauere matmaachen an och Geld kënnen domadder verdéngen. Wann déi zwou elementar Fuerderungen net erfëllt sinn, Här Minister, da spuert Iech de Pabeier (well och bei der Pabeierproduktioun gëtt CO2 fräigesat).

An deem Kader ass et fir eis net verständlech firwat z.B. de Programm P2 bei der Extensivierung vum Gréngland, de beseet dat max. 130 kg Stéckstoff duerfen ausbruecht ginn, ofgeschaaft gëtt. Hei muss ganz kloer nogebessert ginn.

Carbonfixéierung

Den drëtte Punkt ass d'Carbonfixéierung. Dëst gëtt iwwert Humusopbau oder Agroforstsystemer realiséiert.

Agroforst dat brauche mir..., mir hunn dat well laang an zwar a Form vun Hecken a Bamreie laanscht eise Felder. Also ass et lo logesch dat mer dat fërderen oder ...?

D'Fro déi mir eis stellen: Sinn Hecken iwwerhaupt nach erwënscht? Anscheinend net. Oder firwat gouf den Heckeprogramm am neien PDR ofgeschaaft?

Mir gesinn als Jongbaueren awer eng Zukunft an den Hecke mee et muss richteg ugepaakt ginn, dofir hu mir e puer Fuerderungen.

- Mir hätte gärén dat den Ëmweltministère den Entretien vun de bestoenden Hecken integral iwwerhëlt. Dëst heescht an der Praxis Follgendes: De Bauer mellt de Summer seng Hecken déi hien de Wanter wëll geschnidde kréien. De Ministère sicht sech e Partner (am beschten aus der Landwirtschaft) den hie forméiert dat déi Hecke richteg geschnidde ginn an dat Ganzt kascht de Bauer natierlech näischt (ass jo Klimaschutz..). Déi ganz Hecke gi gesammelt a verwäert sou dat mir eng Economie circulaire hunn.

Fir nei Hecken a Beem hu mir och eng Iddi. Een Agrarëmweltprogramm an deem d'Baueren Hecken, Beem oder Bamreie planzen, op hiren oder op gepachtenem Terrain. De Bauer kritt eng finanziell Entscheedegung fir Hecken a Beem ze setzen, des Beem an Hecke ginn awer als landwirtschaftlech Kultur ugesinn, a ginn net wéi d'Gesetz et momentan virgesäit ab enger bestëmmter Gréisst zu engem Biotop oder kënnen nëmme mat Geneemegung ewechgemaach ginn.

Nee déi Hecken déi an dësem Programm geplanz ginn an déi Beem kann de Bauer rëm raushuele wann de Bail um Terrain ofleeft, oder de Staat rëm net genuch Geld an de Klimaschutz wëll investéieren. Mat sou engem Programm géifen déi Bauere belount déi aktive Klimaschutz maachen an net ëmgedréint wéi dat gäre lo de Fall ass. Klimaschutz, do muss een eppes maachen. Mir bréngen Iech Iddien, léif Politiker, ëmsetze muss Dir se!

Wa mir iwwert d'Ëmsetzung vun eisen Iddie schwätzen, froe mir eis des Ëfteren:

Wat ass eigentlech an eisen Administratiounen lass? Oder besser gesot, net lass? Déi lescht 2-4 Joren hunn déi lescht nach motivéiert Beamten d'Flucht an d'Akerbauschoul, d'Selbststännegkeet oder soss anzwousch ugetrueden. De Service um Client, also dem Bauer, huet enorm nogelooss.

Vu Qualitéit u Berodung ass net méi ze schwätzen. Wat mir wëllen ass, dass d'Qualitéit vun der Berodung erëm klëmmt an een net um Telefon just ofgewiergt gëtt. Mir hätte gär dat ërem fir a mat eis do geschafft gëtt an net nëmme fir der Aarbecht aus dem Wee ze goen. Mir hätte gär eng staark Administratioun an där d'Beamte gär fir eis schaffen, fir zesammen d'Landwirtschaft no vir ze bréngen.

D'Jugend ass Zukunft

Stéchwuert Landwirtschaft no vir bréngen: Mir sinn eis alleguerten eens, dass d'Erausforderungen an Zukunft net méi kleng ginn. D'Jugend ass Zukunft, gëtt dacks vun der Regierung gesot, fir d'Wichtigkeet vun enger gudder Ausbildung an d'Ënnerstëtzung vun de Jonken an de Virdergrond ze setzen. Virun allem am landwirtschaftleche Sektour ass dat och ganz richtig a wichteg, wou jo gewosst ass, dat all Joer méi Betriber ophalen, wéi der iwwerholl ginn.

An da sinn mir scho bei der Diskrepanz vun der Saach. Wéi ass et méiglech, dat déi Jonk de Beruff net méi attraktiv genuch fannen? Wou ee jonke Bauer hei zu Lëtzebuerg scheinbar sou gutt ënnerstëtzt gëtt. Mir als LLJ stelle fest dass deem also net sou ass, mee mol virun allem vill Versprache vun deenen um Enn net vill iwwreg bleift.

- an dene leschten 2 Joer ass d'Jongbauereprimm, déi sech op 6600€/Betrib/Joer beleeft, net komplett ausbezuelte ginn, well net genuch Suen do waren. Ass dat net eng Blamage?

E jonke Bauer, frësch installéiert op sengem Betrib, voller Motivatioun fir sech senger Aarbecht hinzeginn, well se jo anscheinend anstänneg remuneréiert soll ginn, an wien, deen him alles versprach huet, léisst hien am Stach?? De Landwirtschaftsministère.

Här Minister, esou eng Enttäuschung vis-à-vis vun der Zukunft vun der Lëtzebuurger Landwirtschaft kann net an duerf net sinn, dat ass déi falsch Plaz fir Suen ze spueren, an déi nächste Kéier wäert de Budget jo héich genuch ausfalen, dass dat net méi virkënnt.

- Fir direkt bei de Suen ze bleiwen: 6 Méint Stage am Kader vun der Erstinstallierung. Am neien Agrargesetz ass virgesinn, fir d'Erstinstallierungsprimm ze erhéijen, wat ze begréissen ass, mee d'Opdeelung kënne mir als LLJ net akzeptéieren. Mir sinn der Meenung dat dee Stage ee ganz wichtege Bestanddeel am Kader vun enger Installéierung ass an duerfir muss de Stage promovéiert a valoriséiert ginn, dat mécht sech net andeems een engem 10'000€ gëtt. Aus eiser Siicht ass dat eng Entwärtung vun dem wäertvolle Stage, deen an allen Hisiichte beräichernd ass, souguer am Hibleck op Diversifikatioun vun de Betriber wat vun der Regierung och gefuerdert gëtt. Duerfir fuerdere mir als LLJ fir de Stage am Kader vun der Erstinstallierung als Critère de base bäizebehalen, an dat souwuel fir den DT(technicien) wéi och den DAP Diplom, ee Stage dee strikt kontrolléiert soll ginn, fir keng Toleranz zouzeloossen.

Wien dierf Bauer ginn? Am Moment jiddereen, deen e Betrib huet. Fir muncheree kléngt et vläicht komesch, mee Bauer ass net einfach iergendee Beruff, mee een deen u Komplexitéit sengesgläiche sicht. An duerfir ass eng uerdentlech Forméierung onëmgängelech, a mir als LLJ kënnen net akzeptéieren, dat jiddereen, egal wéi e Beruff e geléieret huet, Bauer gëtt ouni eng Weiterbildung absolvéiert ze hunn, déi de Fuerderunge vum Beruff gerecht gëtt. Souguer am

Hiblék dorop, dat et duerch grouss Ouverturen zum Beruff nees méi Betriber kënnen ginn, mee et kann net sinn dat egal wie mat egal wat fir enger Formatioun staatlech an europäesch Subventiounen kritt, ouni déi noutwendeg landwirtschaftlech Ausbildung ze hunn. An kengem anere Berufsstand ass et méiglech ee Betrib ze grënnen oder ze iwwerhuelen, ouni Formatioun oder souguer Meeschterbréif. Mir wëllen eis net vis-à-vis vu Quereinsteiger quéesch stellen, mee eng ugpassen, a kontrolléiert Weiterbildung ass onbedéngt noutwendeg fir och eng Entwärtung vum Beruff duerch d'Ouverture fir jiddereen ze verhënneren.

Mir setzen haut den Owend hei an enger fuschneier Schoul, Lycée des sciences naturelles, ehm pardon..., Ackerbauschoul natierlech, maache Reklamm um Radio mat Konzepter ewéi Life long learning, mee schlussendlech fir d'Landwirtschaft spillt dat alles keng Roll!

Et ass de Beruff kräfteg diskreditéiert, an dat Här Minister loosse mir eis net bidden! Dofir fuedere mir nach eng Kéier dringend Är geplangten Ausbildungsreform ze iwwerdenken!

Bauen an der Gréngzon

E jonke Bauer dee sech da mat Stage ausgebildet huet, wëll sech och eemol doheem installéieren. Fir vill Betriber ass dës de Moment fir nei Investitiounen ze tätigen, dofir bleift d'Bauen an der Gréngzon nach wie vor en Dauerbrenner.

Mir haten net méi spéit wéi de 4. August eng ganz konstruktiv Versammlung mam Ëmweltministère wou mir iwwert den neien Zousaz fir dat neit Naturschutzgesetz diskutéiert hunn, dobäi goung et speziell iwwert d'Bauen an der Gréngzon.

Als éischt wëlle mir soen dat mir et begréissen dat mir endlech definéiert Krittäre kréien a wéi eng Konditiounen een erfëlle muss fir iwwerhaupt dierfen an der Gréngzon ze bauen an dat d'Kompensatioun eenheetlech geregelt gëtt sou dat net méi ëmmer „à la tête du client“ decidéiert muss ginn; doduerch hoffe mir eng gewësse Vereinfachung an Transparenz an déi ganz Geneemegungsprozedur ze kréien.

Mir kënnen awer als Jongbaueren net domat averstane sinn dat an Zukunft ee Wunnhaus um Haff net méi wéi bis elo als Wunnhaus mee als „constructioun agricole“ soll gëllen, well d'Baue vun engem Haus gëtt jo just nach ënnert verschiddene strenge Krittären iwwerhaupt erlaabt.

Dowéinst fuedere mir ganz kloer dat een Haus um Haff och an Zukunft als Haus klasséiert gëtt wéi bis elo, an domat och déi Rechter an de Gemenge behält, an net mat engem Stall gläichgesat gëtt.

Ausserdem ass et jo gewollt dat Bauerehäff aus den Dierfer rauskommen, well dës oft vill Terraine besetzen déi d'Gemenge gär als Bauland notze géife fir beim Wunnungsproblem ze hëllef. Déi nei Aschränkung wäert vill Baueren dovun ofhale fir komplett auszesidelen an éischer hiert aalt Doheem am Duerf dabäi? ze halen; domat ass da Kengem gehollef.

Des Weidere weise mir drop hin, dass oft Diskussiounen stattfannen ob en Haus dann elo soll geneemegt ginn oder net, well et kéint jo awer mol sinn, dass de Bauer net misst nuets eemol bei seng Jippelcher kucke goen, oder d'Kallef awer aleng op d'Welt kënt.

Mir bedauern et dass nach ëmmer an déi do Richtung Iwwerleeunge gefouert ginn. Fakt ass dat hei: Op der enger Säit gëtt alles gemaach fir eng bäuerlech Landwirtschaft ze erhalen, mir hätte gär Familljebetriber. Wann een am Liewen A seet, muss een och B soen, bei e Familljebetrieb gehéiert e Wunnhaus, wou d'Famill zesumme kann dra liewen, eng sozioökonomesch Eenheet, keng construction agricole, nee e Wunnhaus.

Sief dëst net méi erwünscht, ass dervun auszegoen, dass Betriber an Zukunft nach vill méi grouss ginn a mat Personal vun 8-5 Auer schaffen, souwéi mir et an DDRs Zäite kannt hunn. Mir denken jo awer dass dëst a kengem sengem Interêt ass, dofir hoffe mir dass d'Mme Dieschbourg herno e puer Wieder an dësem Kontext un eis riicht, an hoffentlech dës net zielführend Politik iwwerdenkt!

Dauer vun der Beraarbechtung

Eng weider Saach, mat där an der lescht ëmmer erëm méi Leit konfrontéiert sinn, ass dass et extreem laang dauert bis Geneemegungsantrag bearbecht ginn. Fir eis ass et net normal, dass et iwwert ee Mount dauert bis een iwwerhaupt en Accusé de réception vu sengem Dossier kritt, an anere Länner ginn an där Zäitspann fäerdeg Geneemegungen ausgestallt, hei waarden d'Leit éiweg, fir da gesot ze kréien, dass eng Topegkeet feelt. Dëst ass net seriö, dofir fuerdere mir och hei Nobesserung.

Schutz vu Grond- an Uewerflächewaasser

Et ass ze begréissen, dass hei zu Lëtzebuerg sou vill fir de Schutz vun eisem Grond- an Uewerflächewaasser gemaach gëtt. Et ass ëmmerhin eent vun eisen essentiellste Liewensmëttel déi mir hunn. Bedéngt duerch Geologie vun eisem schéine Land kënnt et eben dozou, dass et Regiounen ginn, wou méi fir de Schutz vun eisem Drénkwaasser muss gemaach gi wéi an aneren.

Mee leider huet dëst och ee groussen Impakt op d'finanziell Lag vun eise Betriber.

Ee bestoende Betrib deen et scho säit Generatiounen gëtt, muss vun haut op muer baulech Moossnamen erfëllen, net dass dës net berechtigt wieren, mee fir dës ze erfëlle mussen Investitiounen gemaach ginn, déi seele bis ni rentabel sinn.

Dobäi kënnt och nach eng Ëmstellung an der Aart a Weis, wéi de Betrib bis Dato mat an a senge Felder a Wise geschafft huet.

Mee heimadder ass et nach net gedoen. "Simplification administrative" ee Begrëff deen all Joer rëm ugeschwat gëtt.

Wéi kann et sinn, dass fir Infrastrukture wéi Ställ oder Hangaren, déi et scho säit Joerzéngten ginn, wou befier déi gebaut konnte ginn, hu misste Geneemegungen ugefrot ginn, dës lo op een neits muss geneemegt ginn, an dat Ganzt all fënnef Joer.

Dëst si just e puer Punkten, déi ee Betrib an engem Waasserschutzgebitt ze erfëllen huet.

Mir fuerderen dofir:

- all zousätzlech Oplagen? déi a Geneemegunge figuréieren an en direkte Bezuch zum Waasserschutz hunn, solle mat bis zu 75% gefërdert ginn.
- Flächenentschiedegunge mussen de Käschten ugepasst gin
- et kann net sinn, dass mir all 5 Joer nei Betriebsgeneemegunge mussen ufroen
- finanziell Ënnerstëtzung fir betraffe Betriber duerch de Waasserfong

Mammekouprimm

Komme mir nach eemol ganz zum Schluss op eis Mammekéi ze schwätzen, déi jo am Kader vun deem neien Agrargesetz och elo endlech eng Plaz kritt hunn.

Lëtzebuerg ass a bleift ee Grénglandstanduert, dee vun de Mammen- wéi och de Mëllechkéi am Beschte ka verwäert ginn.

Mee wéi ass et mat der Nohaltegkeet? Wat ass Nohaltegkeet?

Et ass net manner ewéi eng Woch hier wou genau hei an dësem Sall den Här Richard Perkins sot: *„Nohalteg ass wa meng Produktioun ökologesch gutt fir d'Natur mee och ekonomesch gudd fir mech selwer ass.“*

Bei

de rouden Zuelen déi scho jorelaang am Secteur vun der Mammekou geschriwwe ginn, ass dëst also net de Fall.

Neiinvestitiounen oder och Investitiounen an Ëmbaute fir zum Beispill dem Déierewuel am Stall méi gerecht ze ginn, rechne sech scho-lang net méi.

Aus dësem Grond huet sech virun e puer Joer ee Grupp zesumme gedoen, deen aus all de Randfleeschrasse besteet, mam Zil sech fir d'Mammekouhaltung staark ze maachen mee och d'Jongbaueren hunn d'lescht Joer op dësem Daag, genau wéi op de Concertatioune mam Secteur betreffend déi nei GAP mat Drock gefuerdert, dass dem Fleischsecteur ënnert d'Äerm gegraff gëtt. Elo schéngt sech hei eppes gedoen ze hunn. MERCI.

Niewent enger Ënnerstëtzung déi fir d'Mammekou selwer kënnt obwuel mir gesot kruten *„eng Mammekouprimm wéi et se gouf kënnt sou net méi rëm“*, si mir awer och frou iwwert d'Weedprimm déi agefouert soll ginn.

Mammekou – mee och Mëllechvéibetriber sollen heivunner profitéieren, wat déi zousätzlech Aarbecht vun der Weidehaltung zum

Deel rëm wäertschätzt. Mee wéi héich ginn déi opgestallt, geet et duer? An u wat fir Konditioune ginn dës rëm gebonnen?

Farm to Fork, eng EU-Strategie déi ëmmer rëm gäre vun der Politik a Szen gesat gëtt seet op alle Fall als ee vun de wichtegsten Ziler: Gewährleistung einer nachhaltigen Lebensmittelproduktion.

Also Mir si gespaant!

Ofschléissend si mir jo dann awer och bal gezwongen e puer Wuert iwwert déi nei Gap ze verléieren. No ville Stonnen déi mir a Versammlunge verbruecht hunn an no méintelaangen Erklärungen an Diskussiounen ware mir dunn net méi spéit ewéi leschte Méindeg am héijen Éisleck frou, wou den Häer Treinen eis virum Grand Public déi éischte Kéier Zuelen a Berechnunge ronderëm d'Eco-Schemes a klenger Schrëftgréisst an am Sekonntakt gewisen huet.

Lange Rede kurzer Sinn, wat bleift festzhalen: Méi Oplage fir manner am Porte-Monni ze hunn.

Jiddereen deen iwwert 10 ha Aackerfläch bewirtschaft léisst an Zukunft 4% dovunner brooch leien. Jo Dir léif Leit, Dir hutt richtig héieren: brooch! Um Wee zu enger méi nohalteger Landwirtschaft dee falsche Wee. Op der enger Säit schwätze mir vum Carbon Späicherung, Humusopbau etc. an da fuerdere mir de Secteur op, 4% aus der landwirtschaftlecher Produktioun erauszehuelen...

D'Bréisseler Kommissioun huet de Memberlänner e flotte Katalog mat Propositionen un Eco-Schemes zougeschéckt. Ganz interessant Saachen: Precision farming, Bien-être animal, Carbon-Sequestierung a villes méi, wat hu mir dovun ëmgesaat: Näischt! Weder an der 1. Sail nach an der 2.

Mir hunn déi warscheinlechst onkreativst Eco-Schemes aus ganz Europa, onproduktiv Flächen, Lärchefelder, etc. Fakt ass, vill Bauere wäerten et virzéien op déi 25% ze verzichten a sech dëst guer net undoen, well fir vill Betriber einfach näischt dobäi ass.

Stéchwuert Pan-Bio, wéi wëlle mir eng Bio-Landwirtschaft opbauen an promovéieren, wann dës bei deene wichtegsten Eco-Schemes mol net dierf matmaachen? Den Bio-Secteur wäert virum allem an der 1. Sail de ganz grouse Verléierer vun der neier GAP sinn.

Ganz vill oppe Froe bleiwen.

D'Zukunft gött also sécher net méi einfach, mee trotzdem hoffe mir dass mir mat eise Fuerderunge vun haut den Owend der Politik Verschiddenes mat op de Wee konnte ginn, an dëst och konsequent ëmgesaat gött. Spéitstens Ufank Januar zéie mir dann op eisem Neijoerspatt deen 1. Bilan.

Mir soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.